



Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 15. November 2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës drénglech parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch ewéi och un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weider ze leeden.

D'Covid-19-Infektiounszuelen sinn an deenen leschten Wochen weltwäit drastesch an d'Luucht gaangen, dëst och zu Lëtzebuerg. An deem Fall kann een dovun ausgoen datt eis Schoulen och dovun betraff sinn. Zanter der Schoulreentrée ginn et keng offiziell Statistiken méi wat d'Infektiounslag an de Schoulen ugeet.

An deem Kontext géife mir gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

- Huet d'Regierung eng Analyse gemaach betreffend der Infektiounslag zënter dem Schoulufank ?
- Wann jo, wat ass d'Resultat vun dëser Analyse ? Kann d'Regierung eis dës Statistiken vun de leschte Wochen zoukomme loossen ?
- Wéi interpretéiert d'Regierung des Statistiken ? Wéi eng Konsequenzen zitt se doraus ?

Här President, mir bieden lech eisen déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen
Co-Fraktionspresidentin

Claude Wiseler
Deputéierten




**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Education, Kanner a Jugend a vun der
Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro Nr. 5235 vun den honorabelen Deputéierte
Martine Hansen a Claude Wiseler**

D'Ophuele vum Schoulbetrib am September huet net zu enger immediater Erhéijung vun de Fallzuele gefouert. Et ass richtig, datt d'Zuele vun de Covid-19-Fäll (Schüler an Enseignanten zesumme gekuckt) an deene leschte Wochen an d'Luucht gaange sinn (Grafik 1), genau sou wéi dat och an der genereller Bevëlkerung de Fall ass.

Doriwwer eraus waren déi klammend Zuelen ënnert de Kanner am Grondschulalter ze erwaarden; si entsprechen engem internationalen Trend, deen am Moment ka beobacht ginn. Well d'Kanner ënner 12 Joer nach net geimpft sinn, breet sech de Virus an dese Populatioune besonnesch séier aus.

Tëscht dem 15. September an dem 21. November 2021 sinn am Ganzen 2.234 Fäll am Enseignement fondamental (EF) an 1.204 Fäll am Enseignement secondaire (ES) constatéiert ginn.



Wann een d'Inzidenz vun neie Fäll par rapport zu der Populatioun an de Schoulen tëschent de Joren 2020 an 2021 vergläicht, kann ee feststellen, dass d'Inzidenz am Enseignement fondamental zum aktuellen Zeitpunkt op engem méi héijen Niveau ass wéi d'lescht Joer zur selwechter Zäit, während se am Enseignement secondaire däitlech méi déif ass. Den Ënnerschied ass doduercher ze erklären, dass ronn 70 % vun de Schüler am Secondaire geimpft sinn, woderch d'Transmissioun speziell do gebremst gëtt. Dës Tatsaach weist nach eng Kéier op eng ganz kloer Manéier op d'Wichtigkeet vun der Impfung hin.

Ee groussen Ënnerschied par rapport zum leschte Joer maachen d'Autotester aus, déi warscheinlech dozou féieren, dass positiv Fäll bei Kanner méi fréi an och a méi grousser Zuel detektéiert ginn. An der Woch 45 z. B. goufen 118 Fäll fir d'éischt duerch Autotester festgestallt, wat ronn 40 % vun all de Fäll an där Woch ausmécht. Dat weist drop hin, dass d'Autotester ee wichtegt Element sinn, fir d'Verbreedung vum Covid-19 an de Schoulen ze verhënneren.

De Comité de pilotage interministériel mat Verrieder aus dem Educatiounsministère an dem Gesondheitsministère kënn zanter dem Ufank vum Schouljoer zweemol pro Woch zesummen, fir déi aktuell Lag ze evaluéieren, konkret Problemer um Terrain ze diskutéieren a Léisungsvirschléi auszeschaffen, respektiv Recommandatiounen fir Mesuren ze maachen, wann an enger Schoul vill Fäll a verschidde Klassen optrieden. Dës Mesuren (spezifesch d'Zenarion 4) ginn dann och all Woch publizéiert. Bis elo waren dës Trimester just Grondschoule vun esou Mesurë betraff.

Och wann d'Zuel vun de Covid-Fäll bei de Grondschoulkanner geklommen ass, stelle mir keen esou een Trend bei den Hospitalisatiounen fest. Hospitaliséierungen vu Kanner a Jugendleche wéinst Covid-19 sinn extrem rar a zanter dem Ufank vun der Pandemie ass hei am Land och nach kee Kand oder Jugendlechen duerch Covid-19 gestuerwen.

An den Alterskategorien iwwer 50 Joer sinn d'Impftauxen am Moment nach net héich genuch, esou dass de Risiko vun enger Iwwerlaaschtung vun dem Spidolswiesen an deene kommende Wochen net ausgeschloss ka ginn. Wann d'Regierung an dësem Zesammenhang zousätzlech Mesuren zur Andämmung vun der Pandemie beschléisst, wäert d'Educatioun och hir Verantwortung iwwerhuelen. Aktuell lafen d'Gesprécher tëschent deenen zwee Ministèren, déi dem Regierungsrot entspriechend Recommandatiounen zoukommen wäerte loossen.

Lëtzebuerg, de 25. November 2021

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH